Léif Veräinsmemberen,

Dir sidd eng flott Equipe? Dir sidd spontan a sicht eng interessant Aktivitéit fir Äre Veräin? Dann hu mir hei dat richtegt fir Iech !

Den ORT Musel luet Är Equipe op eng kulinaresch Wäindegustatioun bei engem Miseler Wënzer an, fir eise gudde Wäin an eis regional Produkter besser kennen ze léieren an e puer flott Momenter an eiser schéiner Regioun ze verbréngen.

*Da Eenzegt wat dir dofir maachen musst, ass den **26. Mee 2018** mat enger Equipe vu mindestens 10 Leit, déi op mannst 18 Joer al sinn an e Führerschäin hunn, als **Volontaire** bei engem flotte regionalen Sport-Event, dem **Schleck Gran Fondo**, matzeschaffen.*

Dës flott Course féiert d'Sportler och duerch Är Gemeng. Déi ganz Streck fann Dir um Internet ënner www.schleckgranfondo.com/course.

All Volontaire ass assuréiert a kritt zousätzlech en offiziellen Gran Fondo T-Shirt an e puer aner Gadgeten, esou wéi fräien Entrée zu der Pasta-Party.

Ënner alle Volontaire gëtt dann och nach eng Ballon-Faart fir zwou Persounen mat eisem Ballon LX-BOR vun NewSpirit Balloons verloust.

All Volontairen dierfen och dëse Summer (de geneeën Datum gëtt nach matgedeelt) un engem flotten gemittlechen Vëlostour, zesummen mam Frank Schleck, op der Musel Deel huelen.

Zousätzlech Informatiounen fann Dir ënner:

www.visitmoselle.lu/en/what-to-do/schleck-gran-fondo

Also, op wat waart Dir nach?

*Schéckt bis den 2. Mee 2018 eng Lëscht mam Numm vun Ärem Veräin an all de Leit (**Numm, Virnumm, Gebuertsdatum**) vun der Equipe un den ORT, (info@visitmoselle.lu), a nennt eis wegl. och e Responsabelen vun der Equipe, mat senger **Handynummer** an senger **eMail-Adress**.*